

## 40 Joer Actioun-Lëtzebuergesch...

wiere jo eng Geleeënheet, fir zerguttst ze feiern. Ganz dacks gëtt et dann och en neie Fändel an eng Zort Fest mat enger „akademescher“ Sëtzung. „Akademesch“ ëmschreiw mir léiw, am Sënn vum Wuert, mat „demokratesch“, firwat net „demokritesch“? Mir haten an hu kee Fändel, wäerten ni ee kréien, a ginn och mat kengem Cortège.

**All eventuell Rieden aus enger feierlecher Sëtzung liest dir souwisou an hirem Kär hei an der KLACK, op eisem „site“ an all Samschdeg „online rti.lu“;** eise Fändel gëtt vun der Aarbecht fir eis SPROOCH gedroen... an déi ka jo, och mam schlechte Wëll, keen äis ofstreiden, oder?

**Wéi stong et da vru 40 Joer, also 1971, mam Lëtzebuergesch?**

Wien huet sech drëm bekëmmert? Wat war geschitt... oder villméi: Wat ass net gewiescht? Wat ass net geschitt? Dat sozio-pädagogesch Sproochgefill ass net iwwer e puer guttgemengeter Heftercher an en etlech genëssegedichter erauskomm... natierlech nëmme fir déi net emol 3 % Lëtzebuergesch-Lieser. Firwat ass geduecht ginn, et giff mat engem (wann och nach esou gudden) Dictionnaire duergoen, fir eiser Sprooch en zolitte Fong ze ginn an si éierbar ze verankeren? **Woufir guff fir d'Lëtzebuergesch 'bei de Leit' nullkommanullnäischt gemaach?** Firwat ass d'Lëtzebuergesch nëmme vun e puer „Fiederfoxerten“ an engem Miniveräin gestäipt ginn, deen zesoen ni iwwer d'Gréisst an d'Wichtigkeet vun engem bessere mä zimlech exclusive Keeleclub erauskomm war? Wien huet sech och nëmme e Wutz vum klenge Féngerche fir eis Sprooch an der Schoul kromm gemaach?

Et wier op d'mannst **eng zolitt Master-Aarbecht, fir d'Roll an d'Wierklechkeet vun deer Sprooch vun 1945 bis 1971 emol éierbar, vrun allem éierlech, ze analyséieren...** mat deer d' Lëtzebuergesch dem Nazi-Wouscht den 10. Oktober 1941 däitlech dohinnegebass haten: Lëtzebuergesch a soss näischt! Mä wat ass aus deem geféierlechen an hellegen Eed vun 1941 ginn? Wat an deem Sënn bis elo ënner „wëssenschaftlech“ Deckel rauskumm, ass leider fuddeleg a voller Lächer wéi eng Saibecken... dee jonke gedokterte Mënsch (aus Respekt fir de Papp losse mir den Numm ewech), deen an enger Publikatioun wollt „les errements“ vum Lëtzebuergesch an de leschte 65 Joer dokumentéieren, huet e sëllege Klatze laanscht den Dill gehäit an der kéipweis „am Trach leie gelooss“, schued! Firwat och ëmmer: d'Actioun-Lëtzebuergesch guff praktesch trotz honnerte vun Aktivitéiten an dausende vu publizisteschen Agrëff ignoréiert; dat muss een emol fäerdegbréngen!

Iwwer deen Aarmutt, deen nom Krich eleng mat der Schreifweis fir d'Lëtzebuergesch opgeféiert guff, huet dir besser net an den Detail ze goen; souwisou kritt ee vun den Nokomme vun de „Schëllegen“ just e laangt Gesiicht dohinne gehaang, wann een sech ënnersteet, der Saach „iergendwéi“ op de Fong ze goen; hinne geet et net ëm d'Saach, net ëm de Wouer, mä ëm hir Famili. „Passons“, seet de Fransous.

Eng Commissioun vun dichtegen a fläissege Leit hat bis 1971 um 5-bännegen Dictionnaire geschafft, fir deen ee vun eisen Allerbeschten, de Professor Robert Bruch (1920-1959) eng verstänneg a verständlech Orthographie opgestallt huet. Déi gëllt, bis op e puer Klenggekeeten, och haut nach offiziell. Deen Arbechtsgrupp vum Dictionnaire huet seng enorm Leeschtung ower leider „hannerwands“ gehal, souzesoen an enger klenger Broutkëscht; **si waren ze fein – oder wat och ëmmer – fir dem Wiederbuch an senger Schreifweis eng breet Resonanz do ze verschafen, wou eis Sprooch leeft an otemt: bei de Leit, dem Vollek, deem se gehéiert.** Bei allem héige Respekt: dat war en Dauereschued. „Si“ hunn sech nom leschte Band vum Dictionnaire praktesch selwer opgeléist, aplaz dee weider ze verschaffen an ze aktualiséieren. *Der Rest ist Schweigen!*

**Fir d'40 Joer vun der ACTIOUN-LËTZEBUGESCH wier eng negativ oder sougenannt rethoresch Fro fundamental dat Allerbescht:**


**Wat wier ouni si NET fir eis Sprooch geschitt?**

## Duerf, Döorf, Doref, Dorref oder Duarref?

Jidderengem vun äis läit déi Sprooch am meeschten uewen, déi hien als éischt geléiert huet: d'Mammesprooch; dat ass hei nun emol (majoritär) d'Lëtzebuergesch. Wa mir nach weider brueden, da kënnst hei ower och **de regionalen, wann net esouguer dee lokalen Deel eraus, deen der vill net lassginn**, a wann se 50 Joer éierens ganz anescht gelieft hunn. Ob ee *Weelzer sengt Weelzer* (mam „ripuareschen“ Aschlag) ower muss no 50 Joer an der Stad oder zu Beetebuerg „wegder“ schwätzen, doriwwer kënnt mir äis stonnelaang zermeschten. Datt Ministere mat hirem Regional-Kolorit onbedéngt, no Joer an Dag, wéi mat engem Veräinsfändel wëllen duerch hir Polit-Carrière wëtschen, dat léisst jo jidderem hinne gär als „Wahlpropaganda“ duerchgoen. Eiser Sprooch bréngt dat rosewéineg.

**„Déi oachzing Junge senn hakt nick laank do owe geweest“**, dat klénkt ganz heemlech fir e Wëlzer; engem Miseler oder Rëmelenger seet a bréngt et näischt. Och eng Doudesannonce op „Echternoocher“ oder Elwenter léisst de Rescht vum Land zimlech kal. E Ministesch-Artikel op **„Maarnecher“ an enger Publikatioun fir de Poretteclub vun Useldeng** wierkt éischer lëscht wéi „zerjéis“, wann net esouguer dolaanscht... jidder Respekt fir all Variante vun eiser Sprooch... an hirer Uertschaft oder Géigend selwer: soss enzwëschen dividéiere mir auserneen, aplaz drun ze denken, datt **nëmme eng „Mëtt/Koinè“ dem Lëtzebuergesch hëllef kann, op de Been ze bleiwen.** Praktesch déi aus dem Uelzechtdall!

vum Lex Roth



## De Professor Leo Doemer schreift äis:

Ech weess net, ob et besonnesch gutt deet, wann een **eng Fauscht op d'A** kritt, et misst een emol déi froen, déi regelméisseg u Kläppereie bedeelegt sinn. Ausser dass et wéi deet, gëtt et jo normalerweis och nach e blot A. Conclusioun: Mat enger Fauscht kann ee viles maachen, ech sinn awer der Meenung, dass se net op en A passt, et sief dann, et ass een e Masochist. Säit enger gudder Zäitche awer schéint et deer Zort Leit e sëllege ze ginn, well et héiert a liest een op Schrëtt an Trëtt, dass eppes passt wéi d'Fauscht op d'A wann ee wëllt soen, dass eppes besonnesch gutt passt. Dat ass menger Meenung no awer falsch. Deen „alen“ Dictionnaire hëllef do net weider, well en sech mat der Iwwersetzung op Däitsch zefridde gëtt a mat kengem Wuert op d'Bedeutung vun der Riedensaart ageet. Deen neien Online-Dictionnaire (LOD) liwwert zwar eng Bedeitung, awer e passt sech och deem neie positiven „Trend“ un a fënn, dass eng Fauscht ganz gutt op en A passt. Ma jo dann. Dat eenzegt, wat ee kënnst hei als Argument gëlle loosse, bezéit sech op d'Form: Déi ronn Form vun der Fauscht passt eventuell net schlecht an déi méi oder weiniger ronn Form vun der Hiel, an där eis Guckelcher leien. Ma dat ass awer och schon alles.

Dee bekannten däitschen Universitätsprofessor Lutz Röhrich mengt a sengem „Lexikon der sprichwörtlichen Redensarten“, dass et „nicht zueinander passt“, an en zitéiert eng Partie Auteuren, déi och deer Meenung sinn, wéi de Luther, den Abraham a Santa Clara an nach anerer, a bréngt dat méi lëscht Beispill hei: „Wie eine Igelshaut zum Küssen“. E gutt Stéck méi graff a guer net léif illustriert e schleseschen Dichter am 18. Joerhonnert déi Riedensaart mat deem Bild hei, wann e vun ale Frae schwätzt: „Die schicken sich zur Liebes-Pflicht beinah wie die Faust aufs Auge.“ Déiselwech negativ Iddi dréckt de franséische Pendant aus: „Cela rime comme hallebarde et miséricorde.“

Wien déi positiv Bedeitung vun deer Riedensaart elo wëllt mordicus verteidegen, kann argumentéieren, dass d'Sprooch eppes Lieweges ass an dass se sech ëmmer an ëmmer erëm verännert, esou, wéi d'Leit se Dag fir Dag benotzen. Vläch muss esou een Argument och fir déi schlëmm Feeler hirhalen, an deenen hire „Genoss“ ee bei RTL ka kommen: Do ginn z. B. Argumenter géinteneen „ofgewart“ aplaz „ofgewart“, d'Temperature „klammen nees liicht un“, oder am Sport „stellt“ nach ëmmer een deem anerer „e Been“. Op Lëtzebuergesch gëtt „de Fouss gesat“. Basta!

Et geet menger Meenung no awer ze wäit, wann een och Spréchwierder a Riedensarten an hirer Bedeitung esou ouni Weideres op d'Kopp dréit!

## Geschier

Natierlech luusst direkt e Lëtzebuergesch eraus, wann hie schreift, datt hien „seinen Geschirrkasten vergessen hatte“. Den däitschen Handwierker huet nun emol kee „Geschier“ an dofir och knapps e „Geschirrkasten“; dat ass (vill méi feierlech) e *Werkzeugkasten*.

Mä huet dir ewell dru geduecht, watfir e kéipche Bedeitungen et an eiser Sprooch rondrem dat 'Geschier' gëtt. Mir wieren alleguerten net do, wann den Elteren hirt **„Houchzäitgeschier“** net fonktionéiert hätt ☺... a wat haten se sech all **„ugeschier“**, wéi se fir dee groussen Dag **„an d'Geschier gaang“** sinn. Vläch hat de Paschtouer se virdrun och ewell am Brautexamen **„an d'Geschier geholl“**. Wa mir wëllen eppes ernimmen, dat net extra vill wert ass, gëtt och mat enger krommer Schnuff einfach vu „Geschier“ geschwat, wat ower net fir dat gëllt, wat haut d'meescht „couvert“ oder „Besteck“ vernannt gëtt... war eist „Läffelsgeschier“ net méi gutt genuch? Mä eng aner: Wësst dir nach eppes mat **„Nuetsgeschier“** unzefänken? Wat ass eis Sprooch ower esou arem, geldir.

## Kruppschank

Normal ass et, datt an all Sprooch **Wieder verblatzen, verginn, oder an de Vergiess geroden**. Och am Lëtzebuergesch. Dat huet seng Ursach d'meescht doran, datt d'Saach, ëm déi et geet oder d'Ëmstänn fir den Ausdrock net méi bestinn. Am Lëtzebuergesch huet dat ower dacks ganz aner Grënn: Et gëtt einfach en däitsch Element an d'Plaz gesat, besonnesch do, wou däitsch Agence-Texter an de Radio oder op d'TV lafen... an d'Leit, déi se solle verschaffen hir Mikro-Sprooch schlecht oder guer net am Grëff hunn. Et kënnst ee Bicher mat Beispiller féllen, an et vergeet praktesch keen Dag, wou een net vun zimlech queesche Mënschen dorop gestouss gëtt. Och hei ass gudder Rot(h) déier. ☺

**An der Rubrik „Rondrem eis Sprooch“ op rti.lu / Sonndeszeitung** war et ëm Jelli a 'Knorpel' gang, deen natierlech op Lëtzebuergesch „Kruppschank“ heescht; et ka jo kee soen, dat giff et net méi ginn, also ass „Knorpel“ hei preisesche Quatsch. Et kann een och drun erënnere, datt et bei äis nach ëmmer „kruppseg“ Bréidercher ginn oder deer gebrodener Saachen; **mat deem komplett iwwerflëssege „knuspereg“ hu mir näischt ze dinn.** Eleng op dem Gebitt vun der Kiche sinn eng Hellewull Ausdréck ze fannen, déi muttwëlles verbrannt ginn... vläch well et sech aus däitschsproocheghe Kachbicher besser knäipe léisst. Mengem Korrespondent „Mars“ vun rti.lu e sympathesche Merci, well hien sech erëm un d'Kruppschank erënnert fonnt huet. An dann...?

## Zahnstocher?

**Jidder zweete Lëtzebuergesch schwätzt (leider) vun engem „Zahnstocher“**, mat deem hien an den Zänn... stëppelt! Nennt dat wéi dir wëllt, ower besonnesch „hell“ ass et net, well dat „Gestëppels“ ass eng vun den interessanteste Wuertfamilien aus eiser Sprooch. Mir ginn ower driwwer ewech, wéi wann et 'EISES? keent wier; jëmmenauen: dach! Huet dir d'Buch?

Loosst der Bundesrepublik hirt *„Stochem, Stacheln, Stöbern...“*, mir brauchen et net, well mat eisem Stëppele kënnst mir äis wonnerbar verstänneg: Strëmp ginn zwar keng méi gestëppelt, **Stëppelkotteng** sicht dir laang, mä **d'Gestëppels tëscht de Leit** ass ni vergaang, grad wéi **d'Stëppelen** an engem zackerdjesse verstoppte „Waassersteen“. D'Leit aus dem Staatder Neiduerf ginn nach haut **„Feierstëppeler“** genannt, mä och do stëppelt nach knapps een am Uewen, héchstens an der Schminni oder an der Päif; a ville Wiertschafte fanne mir ower nach ëmmer **Stëppeler beim Zap**. Hei an der KLACK geet et jo och alt net grad ëmmer „dersonner“; wéi giff den Alain Aten hei soen: deroonst... ower loosst mer net stëppeleg sinn.